

## Gemenge-Fusioun – wou si mir drun?

Léif Awunnerinnen, léif Awunner,

Zanter enger Zäit ass bekannt, dass d'Schäffen- a Gemengeréit vu Groussbus a Wal sech mat der Iddi vun enger eventueller Fusioun vun hiren zwou Gemenge beschäftegen.

Mir hunn lech och scho verschiddelech Nouvellë vun deem Prozess matgedeelt a wëllen lech och weiderhin um Lafenden halen.

**Déi Fusioun soll a wäert op kee Fall iwwert d'Käpp vun de Bierger\*innen ewech beschloss ginn.**

**Heimadder starte mir eng grouss ugeluechte Bierger-Informationscampagne, an deem Zäitpunkt ass ganz bewusst gewielt ginn.**

### Wat ass bis ewell geschitt ?

An de leschte Méint a Woche goufen - trotz der Pandemie - vill preparativ Aarbechte gelescht.

- Zesumme mat externen Experte gouf eng Analys vun de Stärkten a Schwächen an deenen zwou Gemenge gemaach.

Sënn an Zweck dovunner war, erauszefanne wouran se sech gläichen a wat se vuneneen ënnerscheet. Et gouf gepréift, a wéi enge Beräicher déi zwou Gemenge gutt fonctionéieren, a wou et elo scho klemmt oder spéider zu Schwieregkeete kéint kommen.

D'Finanze spillen do natierlech eng zentral Roll.

- An deem Kader goufen eng Rei intern Workshopen organiséiert, wourunner déi zwee Schäffen- a Gemengeréit an och d'Gemengepersonal bedeelegt waren.
- Zousätzlech sollten Optiounen fir d'zukünfteg Entwécklung ausgeschafft ginn. Wéi eng Theme sollen an den nächste Joren an der Entwécklung vun de Gemenge Prioritéit hunn? Wéi eng kann een sech iwwerhaapt konkret virstellen?



Eréischt elo, wou déi Analys ofgeschloss ass, kann sech all Schäffen- a Gemengerot op Basis vu Fakten ee Bild maachen.

### Wéi geet et virun ?

Nodeems ee ka gesinn, wat fir oder wat géint eng Fusioun vun de Gemenge Groussbus a Wal schwätzt, gi mir an déi nächst Phas mat folgenden Etappen:

- Oktober 2020: **Diskussionsowend mat de Veräinsvertrieder**
- Enn Oktober 2020: **Reunioun mam Inneministère**: heibäi sollen eng Rëtsch rechtlech Aspekter gekläert ginn. Och déi wichteg Fro vun der finanzieller Ënnerstëtzung duerch de Staat bleift ze diskutéieren.
- November 2020: Déi 2 Gemengeréit decidéiere - jidderee fir sech, awer parallel – an enger **ëffentlecher Sitzung** ob genuch Argumenter fir eng Fusioun vun den 2 Gemenge schwätzen.

Virausgesat dee Vott fällt op béide Säite positiv aus, da kënn et viraussichtlech am Fréijoer 2021 zu engem **Referendum**, wou d'Wieler\*innen aus den 2 Gemengen sech zum Projet vun der Fusioun äussere mussen.

Tëscht dem Vote an de Gemengeréit an deem Referendum bleift nach genuch Zäit fir Iech, léif Matbierger\*innen, mat op de Wee a Richtung Gemengefusioun ze huelen.

Mir wëllen Iech ënnert anerem mat **enger spezieller Broschür an enger Videosequenz** informéiere fir Iech esou aktiv an de Fusionsprozess anzebannen.

**Jidder eenzelen seng Meenung ass eis wichteg.** Mir, Är gewielte Vertrieder, bidden Iech dofir och d'Méiglechkeet, fir Är konkret Froen, Uleies, Bedenken oder Ängschte mat eis am direkte Kontakt ze beschwätzen.

Dat geschitt mat **Informatiounsowenter**, déi mir vum Januar 2021 u wäerten organiséieren. D'Invitatiounen heivir kritt all Haushalt an d'Bréifkëscht.

Kuckt och op den **Internetsite vun de Gemengen**, wou ee Link op eng speziell Säit ageriicht gouf an déi reegelméisseg aktualiséiert wäert ginn.

Mir hoffen op Är wäertvoll Matarbecht an Ären Input well déi nächst Méint ginn entscheidend fir d'Zukunft vun ÄRER Gemeng.

Bis dohinner bleift gesond


Mat eise beschte Gréiss



*Groussbus a Wal, am Oktober 2020*

*D'Schäffen- a Gemengeréit vu Groussbus a Wal*





## Fusion de communes – où en sommes-nous?

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Il ne vous a pas échappé que depuis un certain temps, les responsables politiques des communes de Grosbous et de Wahl réfléchissent au sujet d'une éventuelle fusion de leurs communes.

A des intervalles irréguliers, nous vous avons fourni des informations au sujet du processus entamé, et il nous importe de vous tenir au courant au sujet de l'évolution des négociations.

**Cette fusion ne sera pas décidée sans avoir préalablement impliqué les habitant[e]s.**

**Par la présente, nous lançons une campagne d'information à large échelle, et le moment pour ce faire a été choisi judicieusement.**

### Historique des négociations:

Au courant des derniers mois et semaines, et ceci malgré la crise sanitaire, des travaux préalables ont été exécutés.

- Avec le soutien d'experts externes, une analyse des forces et des faiblesses des deux communes a été effectuée.

Le but en était de détecter les forces et les faiblesses, de déceler s'il y a des parallélismes et quelles sont les différences entre les deux communes.

Il a été vérifié sur quels plans les deux communes fonctionnent bien mais également dans quels domaines il existe des déficits ou bien dans lesquels des problèmes risquent de surgir ultérieurement.

La situation financière des communes jouait bien évidemment un rôle prédominant dans cette analyse.

- Un certain nombre de «workshops» ont été organisés, auxquels participèrent les membres des collèges échevinaux et du conseil communal, et occasionnellement le personnel communal.
- De plus, il s'agissait de développer les opportunités et perspectives de développement futur des deux communes. Quelles sont les priorités à fixer dans les années à venir?



Ce n'est qu'à partir de ce moment, alors que cette analyse est achevée, que les responsables politiques peuvent se faire une idée concrète sur base de faits et chiffres établis.

### Les prochaines étapes:

Alors que chacun des élus peut désormais se faire une image précise du pour et du contre d'une fusion des communes de Grosbous et de Wahl, nous entrons dans la prochaine phase du processus qui comportera les étapes suivantes:

- Octobre 2020: **Soirée de discussion avec les représentants des clubs et associations**
- Fin octobre 2020: **Réunion avec le Ministère de l'Intérieur**: à cette occasion seront discutés un certain nombre d'aspects juridiques, de même que la question primordiale concernant l'aide financière par l'Etat en cas de fusion des communes.
- Novembre 2020: les deux conseils communaux décideront – parallèlement mais chacun pour soi – en **séance publique** s'il existe suffisamment d'arguments justifiant une fusion des deux communes.

Dans l'hypothèse d'un votre favorable dans les deux communes, il sera organisé - très probablement en printemps 2021 - un **référendum** afin que les électeurs puissent s'exprimer au sujet de la fusion projetée des communes.

D'ici le jour du référendum il restera suffisamment de temps pour vous impliquer, chers/chères habitant[e]s, dans le processus devant aboutir dans une fusion des communes.

Ainsi, nous allons éditer une **brochure spécifique** et faire produire une **séquence vidéo** pour vous informer davantage sur le projet de fusion.

**L'opinion d'une chacune et d'un chacun d'entre vous nous importe.** En tant que vos représentants politiques, nous vous offrons la possibilité de discuter avec nous à propos de vos questions, de vos préoccupations, de vos doutes et de vos craintes éventuelles.

A cette fin, nous organiserons - à partir du mois de janvier 2021 - plusieurs **séances d'information**. Vous trouverez les invitations dans votre boîte à lettres.

N'oubliez pas de passer en revue le **site internet des deux communes** sur lesquels a été mise en place un lien vers une page spécialement dédiée au projet de fusion et qui sera actualisée au fur et à mesure de l'évolution du processus.

Nous comptons sur votre précieuse collaboration car les prochains mois seront décisifs pour l'avenir de VOTRE commune.

En attendant, restez en bonne santé.

Avec nos meilleures salutations



*Grosbous et Wahl, en octobre 2020*

*Les collègues des bourgmestre et échevins et les conseils communaux de Grosbous et Wahl.*

